Harpa Rún Tordardottir

Monsieur Fernand Etgen
President de la Chambre des Députés
23, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Monsieur Fernand Etgen,

Villmools Merci fir d'Weiderleede vum Här Minister Meisch senger Stellungnam zur Petitioun N°2324.

Ech wollt mech dozou äusseren a fir d'éischt betounen, dat ech fannen dat mir prinzipiell e gudde Schoulsystem hunn. Et geet hei just dorëms en nach besser ze maachen. Ech fannen och d'Precoce eng super Saach a ka just Positives beriichten wat meng Kanner do erlieft hunn. Ech fannen et och gutt dat d'Spillschoul Flicht ass, gesinn awer näischt Negatives drun wann een 1 vu mengen ernannten Iddien géing ëmsetzen.

An zwar konkret déi, wou en den Elteren d'Méiglechkeet gëtt 1 Woch pro Trimester d'Kanner doheem ze halen. D'Kanner komme méi zu rou a sinn an der Schoul méi ëmgänglech, well si manner midd sinn. Hei respektéiert een d`Wichtegkeet vun der Frühförderung am jonken Alter an der Famill an an der Schoul. D'Kanner sinn haut net mei just an der Schoul, mee och an der Maison Relais an hunn do net d`Méiglechkeet zur Rou ze kommen.

Ech fannen och op kee Fall dat de Cycle 1 dem Zoufall iwwerlooss soll ginn oder eppes esou soll sinn, wéi ee grad Loscht huet („le fruit du hasard"). Et kann alles no engem Plang lafen an am Ufank vum Trimester matgedeelt ginn, wéini d'Kand 1 Woch net an der Schoul wär.

Wat d'Begrëffer "égalité an equité" ugeet, schwätzen ech vu Chancëgläichheet an deem Sënn dat all d'Kanner solle kënne vun hirer Famill beschtméiglecht profitéieren op d'Elteren zum Beispill an de Schoulvakanze schaffe mussen oder net. Ech war dorops agaangen , well an dem Emailaustauch ëmmer rëm d`Argumentatioun vun der Chancëgläichheet gefall ass.

Ech sinn nach ëmmer der Meenung dat mir keng Ongläichheet schafen, wann d'Kanner 1 Woch weider pro Trimester d'Méiglechkeet kréien doheem ze bleiwen. An ech gesinn och a Finland oder an Deitschlend keng gréissr Ongläichheet, wei bei eis zu Lëtzebuerg.

Kann dëss Formul vun 1 Woch pro Trimester ëmgesat ginnn?

Ech verbléiwe mat beschte Gréiss

Harpa Rún Tordardottir